
# Doudegt Holz - E wichtege Liewensraum




(c) zrfphoto (getty images)

**Wat ass Doutholz a wéi entsteet et?**
Als doudegt Holz bezeechent ee Beem oder Deeler vu Beem, déi ofgestuerwe sinn. Et ënnerscheet een tëscht Doutholz, dat steet (also nach net ëmgekippt ass) an Doutholz, dat läit.

De Grond fir d'Ofstierwe ka ganz ënnerschiddlech sinn: Dëst kann duerch den natierleche Prozess vum Alter geschéien oder duerch extern Ursaache wéi d'Klima (Hëtzt, Keelt, Dréchent), Bëschbränn, Konkurrenz vu Liicht an der Bamkroun oder Befall vun Insekten oder Champignonen.

**Firwat ass doudegt Holz esou wichteg?**
Doudegt Holz ass alles anescht ewéi dout: Iwwer 2500 Champignonen, Algen a Flechten, iwwer 1300 Kiewerleken, méi wéi 40 Vullenaarte, eng sëllege Fliedermais souwéi Marderen, Siweschléifer oder Wëllkaze liewen an a vum Doutholz.



**Liewensraum fir Déieren**
Beispill: Salamander, Hirschkäfer



**Nahrungsquell fir Déieren**
Beispill: Bontspiecht, Champignonen



**Verstoppches fir Déieren**
Beispill: Schleeken, jonk Vullen

**Eng weider Bedeitung: Fräisetze vun Nutrimenter**
Doudegt Holz gëtt vu Champignonen, Insekten a Mikroorganismen zersat. Si benotzen doudegt Holz als Nahrungsquell a setzen doduerch Nutrimenter fräi. Dës fléissen an de Bëschbuedem a stinn de Planzen erëm zur Verfügung.

**Doudegt Holz reguléiert d'Klima**
Donieft ass Doutholz e wichtegt Element an der Regulatioun vum Klima, ënnert anerem well et de Buedem virum Ausdréchne schützt a Kuelestoff bënnt.

**Doudegt Holz dréit zum Aarteschutz bäi**
An engem Bësch, deen net bewirtschaft gëtt, hunn d'Beem natierlech Entwécklungsphasen. D'Alginn an d'Zerfale vun de Beem gehéieren zum natierleche Kreeslaf. Dës Phase sinn, wéi hei uewendriwwer gewise gouf, immens wichteg fir ganz vill Déieren a Planzen, dorënner och Aarten, déi seelen an a Gefor sinn, auszestierwen.

Commune de MERTERT
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech
KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech
natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

Text a Layout: Joy Mentgen


(c) Joy Mentgen